



**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 6460 vum honorablen Deputéierte Fred Keup zum Sujet "Plan d'aménagement général de la Ville de Diekirch"**

Am Arrêt vum Verwaltungsgerichtshaff vum 7. Februar 2019 gouf d'Stad Dikrech kloer opgefuerdert, en neie Vott ze huelen, fir déi concernéiert Terrainen an eng bebaubar Zon ze klasséieren. Den Inneministère huet d'Gemengenautoritéiten deemtsprechend och beroden an drop opmierksam gemaach, dass si en neie Vott mussen huelen.

Wat de « Pouvoir de réformation » ugeet, op Grond vun enger Reklamatioun bei der Inneministesch nom definitive Vott zum PAG, huet keng Noutwendegkeet bestanen, de Gemengenautoritéiten dës Dispositioun nach emol matzedeelen, well dat souwisou am ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den développement urbain sou virgesinn ass, an dass dës Prozedur souwisou allgemeng bei de Gemenge bekannt ass.

Et ass net zu där Opportunitéit komm, de « Pouvoir de réformation » ze benotzen, well d'Inneministesch souwisou net vun der Gemeng saiséiert gi war, wat jo och am Uerteel aus éischter Instanz bestätegt gouf.

Den Inneministère fuerdert d'Gemenge regelméisseg op, en drëtten Vott ze huelen, et ka nämlech emol virkommen, dass am definitive Vott (zweete Vott) Irregularitéiten, respektiv Illegalitéiten optauchen. An dësem Fall koum et awer net zu engem zweete Vott, an dat wéinst der Pattsituatioun, soudass de Inneministère d'Gemeng och net konnt opfuerderen, en drëtten Vott ze huelen, fir gegebenefalls eppes ze rektifizéieren.

Et ass dem Inneministère net bekannt, dass et scho Gemenge gi sinn, déi refuséiert hätten, ministeriell Décisiounen ëmzesetzen.

Lëtzebuerg, den 19/08/2022.  
D'Inneministesch  
(s.) Taina Bofferding